ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26. September 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Laut mengen Informatiounen huet net all Policeauto en Navigatiounssystem. Et kënnt fir, datt bei Asätz d'Police sech nach op Kaarten an op Dokumenter op Pabeier, wéi z.B. de „Guide routier", muss verloossen, an dobäi wäertvoll Zäit verléiert.

Et hunn och héieren, eng Rei Polizisten hätte keng Visittekaarten. Dës Käertercher kënnen awer de Kontakt mam Public erliichteren.

Dowéinst wéilt ech dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet dës Froe stellen:

1) *Ass et virgesinn, datt all Policeautoen en Navigatiounssystem kréien, a wa jo a wéi engem Delai?*
2) *Ass et richteg, datt net all Polizist berufflech Visittekaarte gestallt kritt?*
3) *Wa jo, ass et virgesinn, datt all Polizist Visittekaarte gestallt kritt, an a wéi engem Delai?*

Mat déiwem Respekt



Fernand Kartheiser

Deputéierten